ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 17. Oktober 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Et ass wichteg, datt e kranke Mënsch, dee mat enger Ambulanz gefuer gëtt, wärend der Fuert medezinesch beschtméiglech versuergt ka ginn. Leider feelen zu Lëtzebuerg kloer Normen a Reegelen, wéi ee Gefier muss ausgestatt sinn, fir dat een et als Ambulanz deklaréiere kann.

An dësem Kontext géif ech dem Här Minister gär dës Fro stellen :

1. Wou ass d'Prozedur drun, fir e klore rechtleche Kader ze fannen, wéi eng Normen a Virgaben e Gefier erfëlle muss, fir kënnen offiziell als Ambulanz ugemellt ze ginn ? Fir wéini ka mat der Ëmsetzung vun dëser Prozedur gerechent ginn ?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten